

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Christine Wirtgen, 08:01, 24/11/2020

Lëtzebuerg, den 23. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister, un d'Madamm Familljeminister an un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Op ville Plazen am Land si Bicherschief ze fannen. Dëst ass eng gutt Initiativ, fir de Bierger en onkomplizéierten Zougang zur Kultur a Literatur ze erméiglechen. Et schéngt awer esou ze sinn, ewéi wann d'Initiativ, fir Bicherschief ze placéieren, virun allem vun de jeeweilige Gemengen ausging.


An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Regierung confirméieren, datt d'Initiativ, fir Bicherschief ze placéieren, eleng vun de Gemengen ausgeet?
2. Ginn an deem Kontext op Regierungsniveau Ustrengungen ënnerholl, fir d'Gemengen ze encouragéieren, d'Konzept vum Bicherschaf ze propagéieren? Wa jo, wéi gesinn dës Ustrengunge konkret aus?
3. Huet d'Regierung Informatiounen iwwert ënnerschiddlech Konzepter vu Bicherschief? Fonctionéieren dës ëmmer nom Konzept vun engem Tosch, wou een sech e Buch eraushëlt an dobäi awer opgefuerdert ass, en anert Buch eranzustellen oder ginn et och Bicherschief, wou een sech Bicher eraushuele kann an dës domat geschenkt krut?
4. Ginn et Méiglechkeeten, fir esou Echangen oder Kaddoen iwwer lokal Bibliothéiken ze organiséieren? Wa jo, wéi eng lokal Bibliothéike géingen do a Fro kommen?
5. Ginn et Initiativen, duerch déi Leit nei oder gebrauchte Bicher kënne spezifesch u sozial schwach Leit viru ginn? Gëtt et dobäi och speziell Méiglechkeeten, fir Kannerbicher u méi aarm Kanner ze ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 24 novembre 2020

Objet : Question parlementaire n° 3193 du 23.11.2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser et de Monsieur le Député Fred Keup - Armoires à livres installées dans les villages

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés